piraten.lu

N°3198
Entrée le 17.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Zënter 2023 dierfen d'Leit Cannabis legal zu Lëtzebuerg ubauen a konsomméieren, dëst allerdings nëmmen bei sech doheem ëmmer ënnert strenge Bedingungen. Wat de Stroosseverkéier betrëfft, esou ass et, logescherweis, nach ëmmer verbueden ënner Drogenafloss ze fuehren. Et ass awer esou, dass och nom Konsum vu Cannabis d'THC-Wäerter am Blutt nach ëmmer héich kënne sinn, och wann den Afloss vum Konsum net méi do ass. D'Police schrieft dozou op hirer Website:

"*En fonction de la quantité et de la fréquence de consommation du cannabis, il est possible d'atteindre un taux sanguin de THC supérieur ou égal à 1ng/ml, ce qui constitue une infraction aux dispositions du code de la route luxembourgeoise."*

An Däitschland goufen d'Grenzwäerter fir THC dofir op 3,5 Nanogramm/ml eropgesat, fir der neier Realitéit Rechnung ze droen, ouni awer d'Verkéierssécherheet ze gefäerden. Dëst op Basis vun engem Expäregrupp *"bestehend aus Expertinnen und Experten der Bereiche Medizin, Recht und Verkehr" (Website vum Bundesgesundheitministerium).*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wäerten déi erlaabten THC-Wäerter am Stroosseverkéier hei zu Lëtzebuerg an Zukunft no uewen ugepasst ginn?
    - Falls jo, wéini?
    - Falls nee, mengt d'Ministesch, dass d'Approche vun eisen däitschen Nopere falsch ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés